

D'Gemeng wiisst, an domadder och d'Administratioun. Dofir gëtt en Holzbau un d'Gemengenhaus ugebaut, mat 18 zou-sätzleche Büroen a Platz fir Receptiounen an Ausstellungen.

La commune se développe, donc également l'administration. Ainsi une structure en bois sera rattachée à la maison communale avec 18 bureaux supplémentaires et de la place pour des réceptions et des exhibitions.



SCHOUL WELTER GËTT AUSGEBAUT

Fir de weidere Besoine vun de Schüler gerecht ze ginn, gëtt d'Schoulgebai op 7 Klassesäll erweidert.

Pour satisfaire les besoins des élèves, le bâtiment scolaire sera élargi et comptera 7 salles de classe en plus.



Iwwer 110 Parkplaze sinn am neie Parkhaus bei der Schoul an der Loupëscht op dräi Niveauen ugeduecht. Och fir e Kiss&Go a Vëloen ass Plaz virgesinn. Virum Parkhaus gëtt eng convivial Plaz ugeluecht, déi och vun de Schoulkanner ka benotzt ginn.

Le nouveau parking près de l'école dans la « Loupescht » comptera plus de 110 places de stationnement sur trois étages. Des emplacements pour un Kiss&Go et des vélos seront aussi envisagés. Devant le parking, un espace public sera aménagé pour les enfants.



DE CENTRE CULTUREL KRITT EE LIFT


Fir datt och Persoune mat physeschen Aschränkungen ouni Problem an de Centre Culturel "Am Duerf" kënne kommen, gëtt virun der Entrée e Lift gebaut a banne sinn automatesch Dieren installéiert ginn.


Pour permettre un accès facile aux personnes à mobilité réduite, un ascenseur sera construit devant l'entrée du Centre Culturel « Am Duerf ». De plus, des portes automatiques ont été installées au sein du bâtiment.



An der Loupëscht gëtt nieft der Schoul eng Maison Relais gebaut. Am neie Gebai ass Plaz fir iwwer 380 Kanner.

Dans la Loupëscht une nouvelle Maison Relais sera construite à côté de l'école. Le nouveau bâtiment pourra accueillir au moins 380 enfants.








E BLÉCK AN D'ZUKUNFT

JONGLËNSTER



6

D'RUE DU VILLAGE GËTT ZU ENGER ZONE 30

Fir de Verkéier ronderëm d'Schoulgebaier am Zentrum ze berouegen, gëtt an der Rue du Village eng Vitesse 30 Strooss ageriicht. Och d'Haaptkräizung an d'Rue de la Gare ginn eng Zone 30. Sou ginn déi zentral Käre vu Jonglënster matenee verbonnen. Dës Weidere ginn och néideg Infrastrukturaarbechten ëmgesat.

Pour réduire le traffic autour des établissements scolaires, une Zone 30 sera introduite dans la Rue du Village. L'intersection principale et la Rue de la Gare seront aussi transformées en Zone 30. Ainsi, les lieux principaux de Junglinster seront reliés. Les travaux d'infrastructure nécessaires seront aussi réalisés.



JONGMËTT

Den Zentrum JongMëtt gëtt weider ausgebaut. Mat vill Gréngflächen an engem Park dee fir ze verweilen aluet. Op déi aktuell Gare an de Parking kënnt eng lieweg Plaz, mat Terrassen, Gréngs a Méiglechkeete fir zesummen ze kommen. Des Plaz gëtt mat de Bierger zesumme gestalt a geplangt.

Le centre JongMëtt continuera à être développé et comprendra plusieurs espaces verts et un parc invitant les citoyens à y passer du temps. La gare actuelle avec son parking sera aménagée en place publique accueillante. Le développement et la planification de cette place seront réalisés ensemble avec les citoyens.



RÉAMÉNAGEMENT VUN DER N11

D'N11 duerch d'Duerf gëtt däitlech méi schmuel, méi gréng a verkéiersberouegt. Iwwert déi ganz Stréck kënnt en Tracet dee fir d'Mobilité douce reservéiert ass.

La N11 sera rétrécie dans sa largeur au sein de la localité. Elle deviendra donc moins encombrée et moins polluante pour l'environnement. Un tracé réservé à la mobilité douce sera ajouté tout au long de la route.



NATURCRÈCHE & MUSEKSSCHOUL

Déi nei Museksschoul op Fréinen huet Plaz fir 400 Schüler. Dobäi besteet d'Méiglechkeet fir en Ausbau fir 100 weider Kanner. D'Naturcrèche huet Plaz fir op d'mannst 100 Kanner.

La nouvelle école de musique à côté du centre sportif « op Fréinen » pourra accueillir 400 élèves. De plus, une extension pour 100 enfants supplémentaires sera possible. La crèche aura de l'espace pour au moins 100 enfants.



LAANGWISS 3 ZONE INDUSTRIELLE



MOBILITÉ DOUCE SENS UNIQUE

